Mer wollten Iech e bessen iwert di Kanner schwätzen, mat deenen mer an eisen Centre Psychothérapeutiquen schaffen. Wann ech soën mer dann as et well ech am Numm vun eisen 3 Institutiounen, Kannerhaus Jean vun der Croix Rouge, t'Passerelle vun der Fondatioun Kannerschlass an den Centre pychothérapeutique Andalê vun den staatlechen Kannerheemer schwätzen.

Mer werten haut net vill iwert eis Institutiounen schwätzen, respektiev waat elo den Ennerscheed teschent deenen 3 Strukturen as, ausser vleit dat di eng zu t'Zolwer as, di aaner zu Bierg an di 3. zu Diddeleng. Vun deenen Strukturen sin am Moment der 2 ennert dem AEF-Gesetz an di 3. Struktur as eng staatlech Struktur.

Ech schwätzen awer och am Numm vun enger **EQUIPE (**PPT Bild3): verstitt mech lo net falsch... mer sinn net einfach just foarwesch Laatschen ☺...mais fir ze illustreieren wie villseitesch, ennerschittlesch awer och ganz komplémentair mer sin. Eng équipe die sech zesummen sätzt aus, Erzéier, Léierpersonal, Therapeuten mat verschiddenen Zousatzausbildungen, Psychotherapeuten an Kannerpsychiater. Zesummensetzung vun deenen 3 Zentren as secherlech ennerschiddlech, mais et geet dodrems dat et eng Equipe Pluridisciplinaire, respektiv interdisciplinaire as, die zesummen iwerleet an Projets Psychothérapeutiken ausschafft an emsetzt, global an och spezifesch fir all Kand an seng Famill en fonction vun deem waat gebraucht get.

Wee sin dann elo di Kanner die bei eis an eng intensiv psychotherapeutesch Prise en Charge kommen?

Sin et des? (Bild 4), die virun allem an der Schoul alles op t'Kopp stellen?, den Enseignant un seng Grenzen brengen?, sech esou behuelen dat t'Situatioun an der Schoul esou as dat di „Normal" Kanner och net mei hiren Programm duerchgeholl kreien, well den enseignant zevill mat hinnen beschäftegt as.

Oder des (Bild 5) die sech hannert hirem PC verstoppen ?

Sin et des? (Bild 6) di muffesch? Di komesch?... egal a wéi engem Kontext se sech befannen, si weisen sech muffesch an komesch

Oder des? (Bild 7) dei hier Elteren zur Verzweiflung brengen (bild 8)?

Ennert deenen verschiddenen Kanner sin der secherlech deen een oder deen aaneren fir deen sech eng Indikatiuon an een vun eisen Psychotherapeuteschen Zentren, stellt. **Mais net fir all di Kanner**! An do leit t'Schwieregkeet. Ech wert herno nach e bessen mei doropper agoën

DRAFT

Ech probeiren iech e bessen e bessert t'Bild ze zeechnen vun der Population-cible mat der mer schaffen. Ech geif iech daat dann och an Hand vun enger klenger vignette clinique zeechnen, fir ze verdeitlechen em waat et eigentlech an der Arbecht geet, wann mer dovunner schwätzen dat mer eis em **t'souffrance psychique** oder den **trouble psychique** vum Kand kömmeren, respektiev op deier Dimensioun vum Kand schaffen.

Alles waat em di Dimensioun an di Terminologie psychique, psychologique, psychothérapeutique asw geet, bemierken mer dat ob der enger Seit eng gewessen Vulgariseirung geschitt as, an eigentlech mer irgendwei all e bessen eng Ahnung dovunnen un, an awer as et och wichteg eng genau Définitioun vun deenen verschidden Wieder an Begrefflechkeeten ze hun, fir och wirklech ze verstoën em waat et do geet, fir allen Messverständnisser aus den Féiss ze goën an t'Jalons ze setzen fir **eng effizient Zesummenoarbecht am Senn vum Kand a senger Famill.**

Waat verstin mer iwerhaapt ennert dem **Term psychique**? (Bild 16)

Psychique : « Qui concerne la vie mentale, dans ses aspects conscients et/ou inconscients. »

(http://www.larousse.fr/dictionnaires/francais/psychique/64818, p visitée le 31.01.2016)

Psychisme : « La notion de psychisme, au sens moderne du terme, vient de la psychanalyse freudienne qui a essayé de trouver une détermination aux conduites humaines et en particulier à leurs aspects pathologiques » inhttp://www.psychisme.org/Epistemo/Psychidef.html, p visitée le 31.01.2016

Alleguerten wie mer hei setzen, soss geifen mer net hei setzen, as eis t'Interessen dem Kand (Bild 9) an zum Deel senger Famill gewidmet (Bild 10*)(Portrait mythologique de la famille de Louis XIV Jean NOCRET (1615 - 1672)*, sef daat well mer Kompetenzen hun fir t'Kand ze begleeden, ze betreien, ze enseigneiren, ze verstoën, ze ennersichen, ze thérapeiren asw, mat all sengen Facetten, entweder um niveau vun senger kierperlecher Gesondheet oder Entwecklung, oder um niveau vun sengen sozialen oder kognitiven Kompetenzen, oder um niveau vun senger seilescher an psychescher Entwecklung, respetiev um niveau vun senger psyschecher souffrance. Alleguerten sin mer irgendwei Spezialisten an engem Domain, an **daat Ganzt am Zesummen** mecht t'Reichhaltegkeet vun eisen Kompetenzen aus, **den Plus** léit am Zesummen an am Respekt vun eisen an deem aaneren sengen Kompetenzen.

Mais lo fir weider ze fueren geif ech iech dann mool den Rafaël virstellen.

Den Rafaël (Bild11) as e Jong vun 11 Joër deen eis gescheckt gouf vum Service Kanel (Service de parentalité vum Réseau psy). Den Rafaël as vun der AS dohi gescheckt gin mat senger Mamm. An der Vergangenheet woa schon mam Rafaël senger Mamm an senger Schwesster eng grouss Oarbecht am Kanel mat der Famill a mam Réseau gemeet gin. Dee Passage woa vereinfacht gin doduerch dat t'Kannerpsychiater aus dem Kanel och t'Kannerpsychiater bei eis as.

T'Mamm huet dun t'Initiativ ergraf well:

1. An der Schoul as et ganz schwiereg (Bild12)

2. T'Mamm as débordeiert mat der Erzéihung vun hiren Kanner. Si huet der 4 an 2 dovun sin placéiert bei der Bomi.

3. Eng guidance éducative as am Laafen, die proposéiert gouf vun der médecine scolaire en concertatioun mam Réso.

4. Et sin och gerichtlech Mesuren getraff gin dat den Rafael an t'Maison Relais muss goën, well festgestallt gouf dat t'Mamm seier débordeiert as mat der Erzéihung vun de Kanner an och net sou effizeint as an der Fréizéitgestaltung vun hirem Kand.

5. Et besteet guer keen Kontakt mam Papp, well do eng gerichtlech Mesure woa dat de Papp seng Kanner just an enger visite médiatisée am Service Treffpunkt kann gesin, an daat get veeheement vum Papp refuséiert.

6. T'Mamm as mat der Demande fir an den CTA averstaanen a freet Hellef.

7. Den Rafael well am Ufank guer net bei eis kommen, an och net an t'Maison Relais.

8. Dem Rafael sein Verhaalen as ganz schwiereg: an der Schoul, an der Maison Relais, an doheem.

En huet entretemps eng Etikett (Bild 13) di mecht dat eigentlech keen Professionnellen eigentlech mei Loscht huet mat him ze schaffen. De Kläpper, den Raudi: Hopfen an Malz verluer?

Bis elo passt di vignette do op e ganze Koup Kanner: mais net all di Kanner déi di dooten Kennzechen hun sin fir en Centre psychothérapeutique an mer verstin ganz gut dat et wirklech net einfach as do emmer den Ennerscheed ze gesin teschent deenen di dann elo fir eis sin, an

DRAFT

deenen di net fir eis sin. An dofir as et wichteg dat die Aschätzung an den Hänn vun deenen Leit léit déi am CPTE schaffen.

Dofir brauch een Zeit an „leider"(fir den Réseau) hulen mer eis och di Zeit di neideg as.

(Bild 14)

Mer brauchen dofir e Koup Virgespreicher, mat der Famill, mam Kand, mam Réseau, mat der Schoul fir kennen oofzeklären:

1. As **eng demande vun der Famill do?**

2. As **eng demande vum Kand do**?

3. wéi stin die demanden an Bezug op die demande die den Réseau (Schoul, psychosozial, judiciaire) huet?

→sin do Ennerscheeder?, Wie gi mer mat deenen Ennerscheeder em?

4. as **eng <u>Alliance Thérapeutique</u>** mam Kand, mat der Famill meiglech?: dest as e wichtegen Punkt, well ouni daat as eng psychotherapeutesch Hellef onmeiglech!

Waat verstin mer ennert A**<u>lliance Thérapeutique</u>**: (Bild 15)

« L'alliance thérapeutique peut se définir comme la collaboration mutuelle, le partenariat, entre le patient et le thérapeute dans le but d'accomplir les objectifs fixés. *Cette notion est actuellement centrale dans les études portant sur les mécanismes des psychothérapies, et l'évaluation de leurs effets*. Elle permet notamment de montrer que les méthodes thérapeutiques employées ne sont pas efficaces du fait de leurs outils propres, mais par un jeu subtil d'adéquation entre un praticien et son patient». (CAIRN INFO)

(zrek op Bild 14)

5. Ween huet t'Demande ?, ween huet t'Symptôm ? ween leit (souffrance)?

Et ka sin dat t'Schoul eng Souffrance an eng Demande huet an t'Kand en Symptom, et ka sin dat t'Schoul keng demande huet an t'Kand eng Souffrance an en Symptôm, et ka sin dat t'Schoul eng Souffrance huet, t'Elteren eng Demande an t'Kand t'Symptom. Wann dei 3 Postulats op dei verschidden Instanzen opgedeelt sin, as et indizeiert mat deenen 3 Instanzen ze schaffen. Mais zu der Zesummenoarbecht herno nach e bessen mei.

6. As eng **<u>souffrance psychique</u>** beim Kand do ?

DRAFT

Et as oft ganz schwiereg op des Frô ze äntwerten, an och dofir brauch een oft vill Zeit an di neideg Kompétenzen fir des Evaluation ze maan. Well t'Souffrance psychique sech net emmer direkt weist, hei ans do as se verstoppt (ech denken enner aanerem un di Kanner di ganz adaptéiert sin, ..), hei ans do weist se sech maskéiert (zb. déi di maachen wéi wann keen hinnen eppes keint undoën, an sie sech ganz stoark weisen). Et as och ganz schwiereg ze soën wi grouss oder wie stoark die souffrance psychique as.

Wann ech elo emol op den Rafaël zrek kommen.

De Réseau deen ronderem den Rafaël sech beweegt, besteet aus villen Leit an die hun mei eng grouss Demande wie den Rafaël a seng Mamm.

All Proffessionnellen haat schon esou vill probeiert an all di Hellefen hun och phasenweis gehollef an awer as et net duer gaangen. (assistance en famille, oder t'AS as geruf gin an t'Schoul wann do dem Rafael sein Verhaalen nees net ze bändegen woa,… den suivi vun der AS vum SCAS, asw, t'prise en charge vun der EMP, asw…)

Vill vun deenen Interventiounen spillen sech ganz kloër an der Realitéit oof an daat as och wichteg an noutwendeg an et huet awer eppes gefehlt… irgendeppes op der psychescher Ebene dreint net grad esou wie et misst: daat as ganz komplex: do geet et em enner Konflikter- onbewosst- em enner Blokkagen, em dysharmonesch Entwecklungen, em Loyautéitskonflikter, asw,…. an die weisen sech dann am Alldag.

Am vereinfachten Résumé keint ee soën dat de Réseau an der Realitéit schafft, un deem waat geschitt as, an den CPTE schafft um Niveau vun den Ursaachen, um Verstoën um Sënn.

T'Verstoën an t'Lektür déi een vun der ganzer „PSY"-dimensioun mescht as ganz komplex an och ennerschiddlech en fonctioun vun der Schoul aus deier een kennt. Mais am CTA zb, as daat eng Lektür die sech zesummen setzt aus psychanalyteschen, systemeschen an kannerpsychiatreschen Usätz an Theorieën. Jo et as net einfach do den Ennerscheed ze maan tescht engem „agressiven Verhaalen" an engem „agressiven Verhaalen". Weini get t'Agressivitéit en Leidensdrock oder en psychopathologescht Symptom oder en Resultat vun Erzéihungsmanktumën, der Schoulschwieregkeeten, oder Konflikter an der Famill oder Schoul, oder Mobbing', oder? Oder??

Dofir as et wei schons virdrun ennerwähnt wichteg **dat all Centre psychothérapeutique seng Indikatiounen kann an soll selwer stellen en fonction vun hirem institutionnellen Projet, respektiev sengem theoreteschen Kader op deen en sech berifft. An et as kloër dat en daat <u>net</u> op Basis vun sengem gudden oder schlechten Wëllen mecht!.** Di Critèren hänken och

emmer wéi scho gesoot vun der Symptomatik, der Souffrance, der Demande, der noutwendeger Alliance Thérapeutique an awer och vum bestehenden Grupp oof.

Weini as dann elo eng prise en charge an engem Centre psychothérapeutique indizéiert?

(Bild 18)

Wann op der enger Seit all aaner Mesuren bis elo net duer gaangen sin fir t'Symptom ze traitéiren. T'Intensitéit an t'Gravitéit vun den Symptômer sin och Fakteuren déi mat an t'Evaluatioun gezun gi genau esou wie t'Noudwendegkeet vun engem „Travail en réseau" an wéi schons virdun gesoot déi virdrun erwähnten Paramètren .

An eiser Prise en Charge geet et och dodrems eng **global Prise en Charge** ze maan. Ennert global verstin mer dat all di verschidden Dimensiounen : Famill, Schoul, Sozialt Liewen, Psychologescht, Édukativt an Judiciairt mat geduet gin an mat implizéiert gin an der Prise en Charge.

An awer och **spézifesch**: well all Kand aanescht as an et keng Normen gin die fir all Kanner gëllen. E Kand as en „**Être singluier**" an de **soin kann nemmen „EEnzelspézifesch" gedue**t gin.

Leider gin all di Kanner di Verhaalensopfällegkeeten hun an een Dëppen geheit. An di Katégoriséirung seet neischt aus iwert den „SËNN" deen hannert deem Verhaalen steet.

Wann t'Kanner bei eis ukommen begeinen mer oft des Gesiichter (Bild 19) zimlech ondifferenzéiert... da mirken mer dat se eigentlech esou sin (Bild 20) oder sin daat di kleng Monsteren die sech bei hinnen dra befannen an net emmer grad su schein foarweg an witzeg ausgesin, mais eischter esou (Bild 21) oder esou Bild (22) wou weisen mat wéi engen Angoissen t'Kanner an hirem Bannen sech ausernaaner setzen mussen, asw .. ech keint lo nach weiderfueren an iech eng Onmass vun Biller projezeiren fir iech en Bild ze gin vun deenen Biller, Monsteren die sech bei deenen Kanner an hirem „Bannen" befannen.

Mais lo nees zrek zum Rafaël: No villen Virgespréicher mat der Mamm, mam Rafaël an och mat senger Schwester, mat Gespréicher mam Réseau hu mer dun décidéiert de Rafaël opzehuelen.

Hien as bei eis 4 Deeg an der Woch komm.

Wann eng Prise en Charge ugebueden get, mussen t'Elteren an och t'Kand e Kontrakt ennerschreiwen wou si sech engagéiren matzeschaffen an t'Régelen vun der vie commune respektéiren.

(Bild 23)

DRAFT

De Rafaël kennt bei eis, mat der Kaputz un, t'Kaap an t'Gesicht gezun an schwätzt ausser „ wees net" neischt mat eis… schwätzt just mat senger Mamm op portugisesch… jo et huet laang gedauert bis mer verstaanen hun firwaat. Daat waat eriwer kennt ewei en Refus mat eis ze schwätzen, eng Provokatioun , woa eigentlech neischt anescht wéi e ganz groussen Malaise an enger aanerer Sproch mat senger Mamm ze schwätzen ewei a senger Mammesproch…

Hien wollt och net hei hi kommen: Och daat huet sech no laanger Zeit erausgeschielt als eng **ganz grouss Onsecherheet**,

e groussen Malaise

an eng grouss Angscht virun allem waat Nei as….

An zu Recht, well hei geet et net em Vakanzmaan vun der Schoul (Bild 24), mais villmei em **intensiv psychotherapeutescht Oarbecht**. Do geet et drems, sech **seng enner Monsteren** unzekucken, **seng ganz Gefillswelt** (Bild 25) differenzeirt ze entdecken an benennen ze kennen, **em seng eegen Identitéit, wee sin ech**? an dann daat waat och ganz schwiereg as **dee permanente Spigel** deen een andauernd dohin gehaal krit... (Bild 26-Spigel)

Vill Froën hun sech ronderem de Rafaël gestallt: Froën ronderem den Sënn vun esou engem Verhaalen:

Virwaat well deen net grouss gin,?

firwaat as deen su bockesch,?

firwaat schléit deen ronderem sech ?

virwaat mescht deen keng Hausaufgaben?…

Virwaat interesseiert en sech eigentlech net fir sech?

Firwaat kritt en sech net positioniert?

Oder stellt sech t'FrÔ: waat seet hien eis domat? Waat as de Sënn vun deem Verhaalen? Virwaat kann hien sech net anescht ausdrecken?

Kann de Rafaël sech fir sech interesséiren?

Huet schon jemools een sech fir hien interesséiert? oder kennt hien just t'Opmirksamkeet duerch negativt Opfaalen? Huet hien sech mat der Etikett vum béisen Jong schon total identifizéiert?

DRAFT

Eis Oarbecht huet sech ronderem verschidden Poolen artikuléiert:

(Bild 27)

1. Den Rafaël besser ze verstoën: andeems hien an enem Quotidien während 4 Deeg an der Woch as mat aaneren Kanner (do sin eng Reih Ateliers mat verschidden Médiatiounen, an awer och engem Zesummenliewen am Alldag am Grupp) an Eenzelkonsultatiounen

2. Familjengespréicher

3. Elterengespreicher

4. Réseausgespreicher an eng ganz enk Zesummenoarbecht mam Réseau: An dest as en ganz wichtegen Punkt an der Prise en Charge:

An deser Prise en Charge kann ech just jiddferengem eenzel Merci soën fir di exzellent Zesummenoarbecht. Et huet jiddfereen seng Kompetenzen konnten do asetzen wou seng woaren am Respekt zu sech, dem Kand a senger Famill an zum Recht vum Réseau. Et as net drems gaang ze wessen wéi deen aaneren seng Oarbecht maachen soll, mais virun allem wéi een seng eegen Oarbecht am beschten maachen kann, an daat woaren di beschten Viraussetzungen dat Brecken konnten geschaaf gin tescht all deenen Professionnelen di an der Situatioun implizeiert sin. Ouni daat denkeen ech, hätt den Rafaël sech nie opgemeet.

Et woar hoart an et huet laang gedauert, mais lues an lues woa daat Netz gespaant an de Rafaël huet sech secher gespuert an konnt sech opmaan …

E beemol as esou e Bild vum Rafaël entstaan (Bild 28) an der traureger eischter depressiver an düsterer Landschaft as e beemol Foarw an Liewen opgedaucht. Mer hun lues a lues den ganz klengen onsecheren Rafaël kennegeléiert, deen deen eigentlech an senger psychescher an emotionaler Entwecklung ganz weit zrek woa.

Eng grouss Onsecherheet as opgedaucht an eigentlech konnt ee sech froën: „ huet hien schon je als Sujet Rafaël geliewt oder bis elo just als Objet oder alls Emsetzung vun Virstellungen/Biller vun den Professionneller die bis elo sech hem hien gekömmert hun?“

Mer hun emmer mei gemierkt dat hien eigentlech **ganz vill Ressourcen** huet, mais en haat se zum Deel verluer (Bild 29) oder si sin nie gesi gin, an doduerg vernochleissecht gin. Parallell dozou konnt t’Mamm (Bild 30) eng gut Oarbecht maan, an geseit ganz kloër wou hier Schwaagpunkten sin an dat si nach vill ze schaffen huet. Och de Rafaël geseit daat an Zweschenzeit esou.

Dest klengt elo ganz schein an no Friede Freude Eierkuchen… esou as et awa net…oft mirken mer dat et irgendwann de Kanner besser geet. Och kann een daat un hirem Verhallen mirken,

mais et leeft net emmer harmonesch an konsequent besser… oft kommen mol mi kleng an awer och mi grouss Reckschléi.

Beim Rafaël schwätzen mer an Teschenzeit vun deen 2 Rafaëls…

deen klengen Neigebuerenen, (Bild 31) deen emmer mei oft ganz interessant Reflexiounen iwert sech an seng Schwieregkeeten maachen kann

an

den „Masken-Rafaël“, deen di die Mask weist die en opgesaat krit…(Bild 32) Och hien wees dat en emmer wert Leit begeinen die him eng Masque werten undin an dat hien leiren kann aanescht domatten emzegoën… mais bis dohin hun mer all zesummen nach vill Oarbecht.

Vleit nach e puer Wuert zu deem waat mer entdeckt hun: den Rafaël kacht gaeren an gut, en spillt gaeren an gut Theater, en iwerhellt ganz gaeren Verantwortung an as och frou an houfreg wann en geluewt get, Fussball spillt en ganz gären an endlech elo as en am Fussbal ugemellt an freet sech op all Training. Mais mat abstrakten Saachen huet hien nach vill Schwieregkeeten.

Ech weilt awer zum Oofschloss vleit nach e puer allgemeng Wieder soën:

E Kand waat an enger souffrance psychique as huet 3 Meiglechkeeten déi zum Ausdrock ze brengen: (Bild 33)

1. duerch sein Verhaalen: opsässeg, agressiv (déi di eis am meeschten stéiren an déi mer am meeschten gesin) oder ganz brav, ugepasst inhibéiert .

2. duerch sein Kierper: Kanner di oft krank sin, net proper gin (énurésie an encoprésie)

3. duerch seng Émotiounen: Ängschten, mei dépressiv, traureg…

Am Moment gesin mer haaptsächlech déi Kanner déi duerch en agressievt Verhaalen stéiren an opfaalen. Mer brauchen Iech aus der Schoulmedezin fir dat mer zesummen kennen iwerléën wéi mer besser un all di aaner Kanner kommen déi di „en silence“ leiden,… déi di net gesin gin! Och déi hun Recht op eng Hellef.

Als Konklusioun weilt ech dann elo nach emol festhaalen:

(Bild 34)

1. Mer kömmeren eis em **t'Souffrance psychique**, waat net daat selwecht as wei eng souffrance déi een als sozial-, familiär oder schoulesch Souffrance bezeechent.

2. Fir kennen gut ze schaffen, brauchen mer **eng Alliance Thérapeutique** mat dem Kand an senger Famill

3. Mer brauchen eng **gut Zesummenoarbecht mam Réseau** am Respekt an der Unerkennung vun jiddferenegm seng Kompetenzen an Oarbechtsgebit an da kennen Brecken geschaffen gin

4.Mer sin keng Schoul, mais en centre psychotherapeutique fir Kanner!

(Bild 35)

Merci fir Är Attentioun an mer stin iech selbstverständlech fir weider Froën zur Verfügung.

(Bild 36)

DRAFT